N°1968
Entrée le 24.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Aus rezenten Artikelen ass ervirgaangen, datt verschidde Gemenge weiderhi Primme fir de Kaf vu Vëloe ginn, obwuel et op nationalem Niveau Aschränkunge bei de staatleche Subventioune gëtt. Dës ënnerschiddlech Approche féieren zu Diskrepanzen an der Färderung vum Vëlosgebrauch tëscht de Gemengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossnamen ënnerhëlt de Ministère fir eng méi kohärent an eenheetlech Ëmsetzung vun de Vëlosprimmen op Gemengenniveau ze erreechen?
2. Wéi kënnen d'Bierger besser iwwer hir Méiglechkeete fir Ënnerstëtzung beim Vëloskaf an hirer Gemeng informéiert ginn?
3. Gëtt et Pläng fir eng Evaluatioun vun der Effektivitéit vun de verschiddene kommunale Färderprogrammer op de Vëlosgebrauch?
4. Wéi kann de Ministère d'Gemengen am beschte bei hiren Efforten ënnerstëtze fir de Vëlosgebrauch op lokalem Niveau ze färderen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten